# ONS JONGEN

LIGUE DES RÉFRACTAIRES ET DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

Sous le Haut-Patronage de S. A. R. le Grand-Duc Héritier Jean de Luxembourg

Association sans but lucratif

**Section de Diekirch**

DIEKIRCH, le 17. Mè 1949.

Un den Central-Comité vun der

Ligue "Ons Jongen"

Letzeburg

Recommandée

An der letzter Assemblée générale des délégués vum 10.4.1949, sin dodurch datt Versammlung durch de President ennerbrach gin ass, eng ganz Reih vu Froen guer net zur Sproch kom. Well mir och bis haut nach kèn enzige Rapport vum C.C. kritt hun gesi mir eis gezwongen op schreftlechem Wè iver verschidde Ponkten Opklärung zu verlangen:

1. Virwât hu mir vum 10.4.1949 un nach net èn ènzige Rapport vum C.C. kritt? Dauernd get d'Inactivitét vun den enzelne Sektione kritiséert, mais wé kennen Sektionen activ sin, wa Ment lang kè Rapport vum C.C. kennt.

2. Virwât huet bis haut dé zwèt Assemblée générale nach net stattfond, trotzdem datt den C.C. den 10.4.49. versprach huet, d'assemblée so séer wé méglech ofzehalen?

3. Exposé Weyrich an der Assemblée vum 10.4.49.

Am Exposé vum Komerod Weirich vun der Sektion Dideleng ware verschidde Ponkten de net matt den Ausféerungen vum C.C. iverenèstemmen:

a. Défizit vun 23.000.-Frang dén dem Komerod Bochet zur Last geluegt get.

Mir rappeléeren dem C.C. d'Zuelen matt dénen de Komerod Weirich gedengt huet:

Den 1.1.1949 hat d'Ligue nach èn Actif vun 5000.- op der Spuerkès. Am Laf vum Johr 1948 sin all Dépensen vum C.C. inclusiv Käste vun der Journée am Betrag vun 30.000.-Frang durch Zeitungscaisse bezuelt gin. Weider sin am Laf vum Johr 1948 nach 45.000.-Frang op d'Spuerkès verséert gin.

Am Februar 1949 hat d'Ligue en Actif vun 149.400.-Frang. Hetvun ware nach 4 Nummeren vun der Zeitung ze bezuelen watt è Chiffre vun 80.000.-Frang ausmecht, so datt èn Iverschoss vun 69.400.-Frang bleiwt. (Am Rapport vum Caissier général an der Assemblée vum 21.11.48. hu mir nemme èn Iverschoss vu 50.000.-Frang gehat.)

Duefir biede mir den C.C. eis mattzedèlen op des Zuelen der Woricht entspriechen? Wa nèn, biéde mir den C.C.

# Ons JONGEN

LIGUE DES RÉFRACTAIRES ET DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

Sous le Haut-Patronage de S. A. R. le Grand-Duc Héritier Jean de Luxembourg

Association sans but lucratif

**Section de Diekirch** DIEKIRCH, le



eis dat ganz klor ze widerléen.

b.An de Régionalversammlungen huet den C.C. iverwall behapt,Sektion Dideleng wär voll a ganz matt dem C.C.d'accord gewiest.Durch d'Ausféerungen vum Komerod Weyrich ass des Behåptung widerluegt gin a mir biéden den C.C.Stellung duerzò ze huelen.

4.Virwat erschengen an eiser Zeitung nach dauernd Artikelen vim Fernand Georges,trotzdem datt den C.C.an der Setzung vùm 7.2.1949 décidéert hat op dem Fernand Georges seng Dengster ze verzichten.

5.Artikel vum Jemp Linden "d'Arbechte vum Zentralcomité" an der Zeitung vum 15.Februar.
An der Regionalversammlung zu Ettelbreck vum 27.3.1949 huet Sektion Dickerich den Inhalt vun desem Artikel verlangt.
Vum Komerod Gremling hu mir eng ganz ausweichend Åntwort kritt,nämlech géf sech em èn ähnlichen Artikel handelen wé dén am Journal "Ons Jongen unter rotem Terror."
No Durchsicht vum Artikel Linden kennte mir dat aver net feststellen,sondern lédeglech datt et sech em reng Worechte géf handelen.
Duefir froe mir:
a.Virwât huet den C.C.durch Neterschenge vun desem Artikel senge Sektionen Worecht virenthalen.
b.Huet de Komerod Bruch den dèmolige Lèder vun eiser Zeitung Kenntnis vun desem Artikel gehat oder net?Wann nèn,firwât huet hien dann an der Dreckerei ennerschriwen hien hätt Korrektur vun der Zeitung gemach?
c.Virwat huet hien duerno um Telephon gesot den Artikel dieft enner kengem Emstänn erschengen wé de Komerod Gremling an der Regionalversammlung zu Ettelbreck behapt huet.
Mir erwarden vum C.C.datt mir spédestens bannen 14 Dèg eng schreftlech Aentwort an eisen Hänn hun.
Weider verlange mir so schnell wé méglech Fortsetzung vun der letzter Assemblée générale fir datt endlech all die Dreckeg Wäsch vun der Ligue ka gemach gin an an dèr och all dé aner Sektionen Opklärung iwer dé vun eis gestallte Froen kréen.

Matt komerodschaftleche Gréss.

De Comité vun der Sektion Dickerich.

President. Vize-President. Secretaire.

Caissier. Member. Member. Member. Member Member